

## Léierstrategie fir selbstännegt Léieren

Grad, wann d'Elteren an d'Kanner de ganzen Dag zesumme sinn, ass d'Geforgrouss, dass Är Kanner lech am léifsten de ganzen Zäit un hirer Säit wëllen, hunn, fir ze léieren oder Hir Hausaufgaben ze maachen.

Fir dat Äert Kand sou vill wéi méiglech autonom schaffe kann, kann ee Folgendes probéieren:

### Tipps


- Auswenneg léieren mat Karteikaarten ( Vokabelen, 1x1, 1+1, Zehnerfrënn,...)

*Beispill:* Leierkëscht mat Vokabelen

1. Karteikëscht mat e puer Kompartimenter
2. Vokabelen op de Recto vun der Karteikaart schreiwen
3. D'Iwwersetzung/Erklärung op de Verso schreiwen

*Deroulement:*

1. Am Ufank sinn all d'Karteikaarten am éischten Kompartiment.



[http://blog.begenie.de/Tipps/karteikarten\\_der\\_einfache\\_und\\_clevere\\_weg\\_zum\\_lernerfolg](http://blog.begenie.de/Tipps/karteikarten_der_einfache_und_clevere_weg_zum_lernerfolg)

## 2. Richtig beäntwert Karteikaarte rutschen an dat nächst

Kompartiment.

## 3. Wann s du eng Karteikaart net méi richtig beäntwerve kanns, rutsch

se erëm an dat Kompartiment vun virdrun.

## 4. Wann all Karteikaarten am leschte Kompartiment ukomm sinn, hues

du d'Vokabelen all verënnerlecht.

**Tip:** Probéier dech all Dag mat der Leierkëscht ze beschäftegen.

- Plange vun der Aarbecht mat Signalkaarten

**Beispill:**

### 1. D'Signalkaarten ausdrécken/selwer bastelen

### 2. Dem Kand d'Kaarten erklären


### 3. D'Kand muss all Etappen noeneen ugoen

### 4. Wat ass meng Aufgab?

### 5. Wat ass mäi Plang?

### 6. Uerdentlech, Schrëtt fir Schrëtt zum Zil!

### 7. STOP, Iwwerpréiwen!



Döpfner, Schürmann, Frölich. 2019. *Therapieprogramm  
für Kinder mit hyperkinetischem und oppositionellem  
Problemverhalten THOP*. Verlagsgruppe Belz

## 8. Dat hunn ech gutt gemaach!

*Tipp:* D'Kaarte kënnen och un déi individuell Bedürfnisser vum Kand

ugepasst ginn.

- Plange vun der Aarbecht mat Checklëschten:

*Beispill fir Checklëschten:*

- Checklëscht fir Rechtschreiwregelen
- Checklëscht fir d'Beaarbechte vu Texter
- Checklëscht fir d'Beaarbechte vu Sachaufgaben
- Checklëscht fir den Dagesoflaf

*Tipp:* D'Checklëschte kënnen och un déi individuell Bedürfnisser vum Kand


ugepasst ginn.

- Reegelen léieren mat Hëllef vun leselsbrécken:

Sou kann een sech Saache mierken, déi een sech soss duerch

Widderhuelen einfach net verhole kann.

*Beispiller:*



<https://www.zaubereinmaleins.de/kommentare/checkliste-schule...711/>

- Entweder leselsbrécke benotzen, déi et scho ginn (z.B. wer nämlich mit "h" schreibt ist dämlich)
- leselsbrécke selwer bauen:
  - Associatiounen (z.B. sech beim Léiere vu Vokabelen e Wuert, dat änlech kléngt oder geschriwwé gëtt, verhalen)
  - Sech den Ufanksbuschstaf mierken
  - Biller/Géigestänn fir leselsbrécken
- Wësse spilleresch iwverpräiwen:
- De Léierstoff an e Quiz apaken
  - Quiz erfannen (Léierstoff gëtt ofgefrot)
  - Quiz mat Familljemembere spillen (Verständnis gëtt iwverpräift)
- De Léierstoff a Rollespiller offroen (z.B. Kand spillt d'/den Enseignant):  
Sou gëtt d'Kind de Léierstoff (dëst kann och beim Liese vun engem Text/Buch agesat ginn) an eegene Wieder erëm.

- Visualiséierung vum Léierstoff (sech Informatiounen anescht virstellen):

- Mindmap

1. An der Mëtt vum Blat gëtt d'Haaptthema festgehalten
2. Gedanken/Ënnerpunkte ginn duerch Strécher verbonnen
3. Ënnerschiddlech Faarwen a Forme benotzen

- Tabellen/Diagrammer

- Biller

- Ënnerstëtzung vum Liesen

- Silbe fierwen

- E Lineal ënnert de Saz leeën, deen ee liese soll

- Leseschieber bastelen



- Begleet d'Liese mam Finger, wann et dem Kand hëlleft, dem Text besser nozegen.

- Wichtig Informatiounen afierwen

- Aféieren vun enger Aufgab:
  - Kuckt Iech zesumme mat Ärem Kand d'Aufgab un, loosst Iech eventuell d'Uweisung virliesen oder liest se zesumme mat Ärem Kand, fir sécher ze goen, dass den Optrag verstane ginn ass.
  - Deelt zesummen d'Aufgaben an iwwerschaubar a machbar „Portiounen“ an (Deeler vun der Fiche ofdecken, Fiche an Deeler zerschneiden) an iwwerleet zesummen, wéi vill ze schaffen ass a wéini d'Pause gemaach ginn.
  - Maacht zesumme mat Ärem Kand eng Aufgab, fir Onkloerheeten a Virgoensweisen ze erkenne resp. ofzeklären.
  - Loosst Äert Kand niewent Iech eng Aufgab eleng bearbechten.
  - Wann alles verstanen ass, kann Äert Kand eleng weiderschaffen.
  - D'Kind soll all d'Aufgabe vun dësem Typ bearbechten an eréischt Är Hëllef froen, wann et guer net méi weider kënnt.